
association des institutrices et instituteurs de l'éducation préscolaire

# aip info




# fréijoer 2014

# COMITÉ



De Comité bis d'Generalversammlung 2014, vu lénks no rechts: Martine Atten, Joëlle Niederweis, Yola Hild, Nathalie Poos, Simone Thill-Buchmann, Joëlle Theobald-Schmit.

## Comité de l'AIP

### Présidente:

**HILD Yola**
36, rue de Mamer
L-8081 Bertrange
Gsm: 621 250 173
e-mail: yola.hild@education.lu

### Secrétaire:

**NIEDERWEIS Joëlle**
10, an der Uecht
L-6695 Mompach
e-mail: joelle.niederweis@education.lu

### Trésorière:

**THEOBALD-SCHMIT Joëlle**
24, rue de Mensdorf
L-6911 Roodt-Syre
Gsm: 691 250 269
e-mail: joelle.theobald@education.lu

### Membres:

**POOS Nathalie**
53, Haaptstrooss
L-6869 Wecker
Gsm: 691 789 914
e-mail: nathalie.poos@education.lu

**ATTEN Martine**
21, Chemin de Bousberg
L-7763 Bissen
Gsm: 691 808 211
e-mail: martine.atten@education.lu

**THILL-BUCHMANN Simone**
36, op der Schanz
L-6225 Altrier
e-mail: thill.simone@education.lu

**www.aip.lu**

# EDITORIAL

## Vum Mady zum Claude
oder
## de „Pier" en „Pier"

Ei, wat ware mir frou, wéi et geheescht huet: mir kréien en neien Unterrechtsminister! Mir duechten: endlech bléist e frësche Wand am Ministär, endlech kréie mir een, deen an dem Schoulgesetz all déi Verbesserungen duerchsetzt, déi sech an deene 4 leschte Joer als onerlässlech erauskristalliséiert hunn!

Op ons éischt Meisch-Menje-AIP-Entrevue ware mir richteg gespaant. Awer, leider, si mir séier enges Bessere beléiert ginn. De Minister huet wuel nogelauschtert, mee, bei all Äntwert, déi mir kruten, war et ons kloer – Asiicht weist dee keng! Am Géigendeel! All 5. Saz wor: Ah, dir wëllt är Tâche eropgesat kréien!/ Soll ech d'Tâche vun ALL den Enseignanten hiewen?/ Ma dann héijen ech iech är Tâche!/…

Bravo, Här Minister! Dat ass eng super Dialog-Strategie! Doduerch, dass Dir d'Schoul op ons Tâche reduzéiert, hu dir net gemierkt, dass all ons Suergen – bis op eng – ganz einfach näischt mat onser Tâche ze dinn hunn.

*Z.B.*: dass d'Inspekteren, op nationalem Plang, och no 4 Joer nach keng koherant Ligne hunn, weder wat den „**Appui**" betrefft, nach d'„**Concertatioun**".

*Z.B.*: dass de „**Contingent**" fir de Cycle 1.1 vu falschen Donnéeën ausgeet, sief dat d'Zuel vun de Kanner, déi vum Précoce an de Cycle 1.1 ageschriwwe ginn oder déi vun deene Kanner, déi net an enger Précoce Klass woren (well fakultativ).

*Z.B.:* dass mir beim Ausfëlle vun de Bilanen als „**Equipe pédagogique**" iwwert **all** Kand solle schwätzen - Här Minister, wéi solle mir dat fäerdeg bréngen, wann d'Schoulen op 6 Dierfer verspreet sinn, a mir also net **all** Kand kënne kennen. (z.B. Manternach, Lellig, Berbourg, Bech, Hemstal an Altrier → alles ee Cycle 1) Déi selwecht Suerg hu mir fir de **PRS**. Wéi ass do d'Qualitéit garantéiert, wann d'Schoulen op e puer Uertschafte verdeelt sinn.

*Z.B.*: dass de **PEP** mëssbraucht gëtt, fir de Cycle 1 (virun allem de Précoce) - ons wäertvoll Spill**schoul** - zu engem „Kinderhort", resp. enger „Kindertagesstätte", ëmzemodeléieren.

*Z.B.*: dass d'**Alphabetiséierung** an d'Zukunft soll nei organiséiert ginn (dat Däitscht ass ze komplizéiert fir d'Kanner vun haut, muss also vereinfacht ginn → nei Bicher, …; fir dat Franséischt feelen d'Bicher, de Programm,… → d'Iddiën). Mee well déi grouss Menje-Käpp sech net eens sinn, wéi dat ka funktionéieren, solle mir aus dem Cycle 1 elo mat dem Däitschen ufänken - wat e Paradox! Wat ass scho méi ons Integratiounssprooch?

Bravo, Här Minister! Esou MEN-Menje-Feelentscheedunge kéint ech der elo nach méi opzielen (cf. weider Detailer Säit 7…).

Här Minister, w.e.g. huelt Dir „**Är**" Tâche als Unterrechtsminister esou eescht wéi mir ons, lauschtert op d'Enseignanten, déi all Dag versichen hiren Optrag mat gesondem Geescht ze erfëllen, an hirer wichteger Missioun (=Wëssensvermëttlung! an NET Garderie!) gerecht ze ginn, well nëmmen da kënne mir hoffen, dass Dir et fäerdeg bréngt, deem villen ale MEN-Stëbs, deen an der Luucht hänkt an deem villen neie Menje-Stëbs, deen dir elo schonn opgewirbelt hutt, Meeschter ze ginn, zum Gudde vun de Kanner, der Schoul an onsem Beruf.

Yola HILD





editions guy binsfeld

# Fir virzeliesen, selwer ze liesen an ze lauschteren




Julia Donaldson
Axel Scheffler
**Dem Grüffelo säi Kand**
Op Lëtzebuergesch erzielt
vun Martine Schoellen
32 Säiten
216 x 270 mm
Gebonnen
ISBN 978-2-87954-275-1
12,50 €

Jhemp Hoscheit
**Komm, lies mer vir!**
Hörbuch
(CD a Booklet am Digisleeve)
ISBN 978-2-87954-272-0
19,50 €

Marina Herber
Lex Roth
**Melusina**
Op Lëtzebuergesch erzielt
Mat engem dräisproochegen Depliant
(engl., fr., port.)
Traductiounen: Kulturministère
40 Säiten
190 x 267 mm
Gebonnen
ISBN 978-2-87954-278-2
20,00 €

Editions Guy Binsfeld – 14, Place du Parc – L-2313 Luxembourg – Tél.: 49 68 68-1 – Fax: 40 76 09 – E-mail: editions@binsfeld.lu, www.editionsguybinsfeld.lu

# GENERALVERSAMMLUNG

## Generalversammlung 2013 an der Schauwebuerg zu Bartreng







Eis Presidentin d'Yola Hild huet d'Leit begréisst an a senger Usprooch betount, datt am Moment, mat klengen Ausnahmen, d'Stëmmung am Cycle 1 gutt ass. E puer Doléancen, wéi déi hallef Stonn Appui, déi iwwert eis Tâche erausgeet, bleiwen nach ëmmer bestoen. Zanter 2 Joer kréie mir vum MEN e Recueil mat „Exemples de bonnes pratiques" versprach, mee leider ass do nach ëmmer näischt erfollegt! Och ginn op verschiddene Plaze fir d'Anciennetéit fir de Cycle 1 an d'Cyclen 2-4 verschidde Lëschte gefouert, wat net an der Rei ass an och am Contingent gëtt de Cycle 1 oft defavoriséiert. Wat d'Formation continue ubelaangt, misst all Formatioun unerkannt ginn, well z.B. eng Réckeschoul ass an eisem Beruff extrem wichteg a misst also als"prioritaire" ugesi ginn. En neie „Registre de classe", mat méi Plaz, froe mir och scho säit Joeren. D'Yola Hild vertrëtt eis an deem Grupp deen d'Epreuves standardisées fir de Cycle 2.1 amgaangen ass auszeschaffen. Am Oktober soll dat getest ginn. De PEP mecht eis grouss Suergen a mir froen eis, wat do nach alles op eis duer kënnt.

No dem Yola senger Usprooch huet d'Sabine Tonnar, Léierin am Cycle 1, eis de Projet vum „Sac d'histoires" virgestallt deen et zanter 2007 och hei am Land gëtt. Fir d'Material vun dësem ganz interessante Projet vum Ministär ze kréien, muss een d'Formatioun gemaach hunn. Dës kann een ufroe beim jeanne.letsch@education.lu

Du war et um Tour vun eiser Sekretärin, dem Simone Thill-Buchmann. Am Joeresréckbléck hale mir 10 Comitéssëtzunge fest, 2 Entrevuen um Ministär, eng Entrevue mam Siggy Koenig fir de Bilan vum neie Schoulgesetz ze maachen,7 mol hu mir eis gesinn fir zesummen un der Homepage ze schaffen an 3 mol hu mir per Schreiwes a verschiddenen Dossierën intervenéiert. Ausserdeem vertrëtt d'Yola eis regelméisseg an der Unterrechtskommissioun an am Grupp deen d'Epreuves standardisées ausschafft an d'Simone ass am Conseil Supérieur de l'EducationNationale.

Am Keesserapport konnt eis Trésorière d'Joëlle Théobald eis matdeelen, datt mir am Moment e schéine Boni an der Kees hunn. Ze bedaueren ass, datt e ganze Koup Memberen hir Cotisatioun net bezuelt hunn. D'Keesserevisore konnten dem Joëlle Décharge ginn.

Frou si mer iwwert eisen neie Comitésmember, d'Martine Atten, Léierin am Précoce zu Miersch. Ausgetratt aus dem Comité ass d'Anne Stahl. Mir soen him Merci fir seng Aarbecht an hoffen, hatt nach weider op eise Veranstaltungen ze begéinen.

Eis nei Homepage ass du vum Simone Thill-Buchmann virgestallt ginn. Ënnert www.aip.lu fannt dir Aktuelles awer och vill praktesch Iddië fir ären Alldag.

De Vertrieder vum Ministär, den Här Guy Strauss, huet d'Mme Minister Mady Delvaux an d'Mme Flore Schank entschëllegt an huet op e puer Froe geäntwert. Sou mussen d'Kanner am Cycle 1 neierdéngs um 8h00 an der Schoul sinn, an dat soll een och den Elteren esou matdeelen. Wat eisen Appui ubelaangt, gëtt et näischt Neies. Fir d'Inclusioun vu Kanner mat spezielle Bedürfnisser kënnen net méi Leit agestallt ginn, an d'Formatioun ass net ideal. Och weess hien, datt d'Aarbecht vun den Educateuren am Précoce uechter d'Land ganz verschidden ass. Hier Tâche wier definéiert mee et ass net ëmmer kloer, wien hinnen d'Aarbecht gëtt.

Als Ofschloss huet den Här Krier, als Vertrieder vun der Gemeng Bartreng nach e puer Wuert geschwat an eis op e Patt invitéiert.

# KULTUR

## Souvenire vun eisem Kabaretsowend


















D'Equipe vum Comité, déi dien Owend gehollef huet.

# ENTREVUE

## Entrevue AIP vum 01.04.2014 um Menje



Vu lénks no riets: Martine Atten, Joëlle Niederweis, Joëlle Theobald-Schmit, Guy Strauss, Simone Thill-Buchmann, Yola Hild, Minister Claude Meisch, Flore Schank, Staatssekretär Marc Hansen, Nathalie Poos.

**1) Organisation du cycle 1 de l'école fondamentale**

-mir si frou datt mir duerch dat neit Schoulgesetz gläichwäertege Partner an der EF gi sinn, d.h. den 1. Cycle vu 4.

-mir stelle fest, datt mir als Eenzeg" richteg" als Cycle schaffen, d.h. altersgemëscht Kanner beieneen an onse Klassen hunn, an dat schonn zanter laange Joeren.

-wat mir NET hunn, an dat ass, an onsen Aen, onse grousse Virdeel, dat ass dass mir kee feste Programm um Landesplang hunn. D'Zieler, d.h. d'Kompetenzen déi d'Kanner sollen entwéckelen, sinn déi selwecht, mee awer net de Wee dohin. Dat erlaabt ons, grad mat där Altersgrupp, wou d'Kanner extrem virwëtzeg sinn, méiglechst individuell op si anzegoen, grad wéi op déi spezifesch Evenementer déi et an all Géigend vum Land gëtt. Mee d'Kollegen aus den aneren Cyclen wëllen dat jo och ëmmer méi (aner Schoulmaterial wiele wéi vum Menje proposéiert) → Autonomie.

-mir hunn elo déi selwecht Ausbildung an déi selwecht „Aufgabe" kritt duerch dat neit Schoulgesetz wéi ons Kollegen aus deenen anere Cyclen (Plan d'études, Bilanën, Concertatioun, Team pédagogique, Comité d'école, Formation continue, …..), stellen awer fest, datt eis **Tâche** nach ëmmer méi héich ass wéi déi vun de Kollegen aus deenen anere Cyclen.

D'Äntwert vum Minister: Ma dee Problem kréie mir direkt geléist andeems ech d'Tâche vun den Enseignanten allgemeng eropsetzen.

**2)Points forts vum neie Schoulgesetz**

-Schaffen an der **Equipe pédagogique**: bréngt vill Positives mat sech, ass awer fir d'Enseignanten aus dem Cycle 1 net esou nei. D'Kolleginnen aus der Spillschoul si ganz kreativ a fannen an

# ENTREVUE

erfannen ganz ganz vill flott Méiglechkeete fir mat de Klassen ze schaffen an d'Grupp-Klassen och emol ze sprenge fir Atelieren z'organiséieren.

**-Concertatioun:** wichtegen Austausch ( Erfahrung, Method, Material, Iddiën,...), ass dacks eng Hëllef, erliichtert engem muench „Stresssituatioun" anescht ze gesinn.

**-Appui** ganz wäertvoll, den Appui kënnt effektiv all eenzelnem Kand zugutt an ass mol „Appui" mol „ Förderung", och wichteg fir Kanner aus anere Klassen kennenzeléiren. Dëss Stonne mussen awer och mol kënne genotzt ginn, fir der ganzer Klass eppes ze erméiglechen, z.B. Bësch oder aner Visiten.....

**-Bilanen**: d'Kolleginnen aus der Spillschoul haten ëmmer méi Kontakt zu den Elteren, well déi jo ganz dacks bis mat an, oder bei, de Sall kommen. Elo ass et vläicht e bësschen en anere Kontakt mat den Elteren, wann een e Kand „à besoins spécifiques" a senger Klass huet, da gesäit een d'Eltere souwisou nach méi dacks!



**-Comité d'école**: féiert derzou, dass d'Schoul méi e „Ganzt" ginn ass, et ass gutt dass d'Schoulen demokratesch geleed ginn, dat fanne mir wichteg.

**3) Propositions d'amélioration**:

-**Tâche**: onbedéngt gläichsetzen → eng „regelrecht" Revendicatioun!!!!! vun der AIP. D'AIP war ganz vergiess gi fir zu de Verhandlungen zu dem neie Schoulgesetz invitéiert ze ginn, an dat do ass, an onsen Aen, eng grouss Ongerechtegkeet déi bliwwen ass. Hunn d'Mataarbechter vum MEN et net aneschtes gewollt, war et en einfachen "oubli" oder hunn déi 2 aner Gewerkschaften net esou waït geduecht, mir wëllen elo keng Ënnerstellunge maachen, egal, mir fannen dat net gutt, net richteg - net fair. Mir wëllen dass et fir ons och 23 Stonne plus 1 gëtt -op d'mannst wire mir zefridde, wann ons Tâche ëm déi hallef Stonn/Woch géif erofgoen, wou onsen Appui ausserhalb dem normale Schoulhoraire läit.

Hei huet de Minister eis erëm gefrot, op mir wéilten, datt Tâche vun de Kollegen aus deenen anere Cylen eiser géif ugepasst ginn. Déi Iddi ass net esou nei, mee mir haten alt gehofft dëse Minister wier méi fair! Och wéilt hien éischter erem méi Schoul hunn ewéi manner! Eis Tâche erofsetzen, dat kënnt fir hien am Moment guer net a Fro.

**-Equipe pédagogique:** leider ass déi flott Iddi net ëmmer iwwerall esou flott ëmzesetzen, z.B. do wou et nëmmen 1 Klass vum Cycle 1 gëtt. Dacks waren op esou Plazen awer 2 Klassen, wéint der Sécherheet, wéint engem "Projet d'école" oder wéint méi schwierege Kanner, awer elo mat Hëllef vum Contingent ass dat quasi onméiglech ginn. Schued!!! Dat bedeit nämlech och vill Gerenns fir d'Coordinatrice de cycle an déi sinn net begeeschtert, fir et léif ze beschreiwen.

**-Concertatioun:** a klenge Gemenge gëtt et dacks grouss Distanzen tëscht de Gebaier an et kascht vill Wee-Zäit fir sech ze treffen. Dee flotten Austausch deen et soll sinn, ass dann dacks Stress an d'Leit sinn net zefridden. Dobäi kënnt, dass den Inspektorat keng selwecht Linn huet, an dat obwuel mir et zanter 2009 froen. Net iwwerall zielt eng Concertatioun als dat Selwecht - dat gëllt och fir den Appui, mee do komme mir nach drun. Fir ons soll all Réunioun (och a Sousgruppen) mat MR, CIS, d'Préparatioun vu Schoulsportdag a Fester, eng Kolonie oder eng Liesnuecht, grad wéi Aarbechtsgruppen, zielen. Keen Enseignant schreift sech jo 20 Stonnen op, mee awer vläicht 3 ( z.B. fir eng Kolonie mat der Klass ), a mir fannen dat legitim. All déi wichteg Reuniounen, Ausflich, Visiten, ... déi e pädagogesche Wäert hunn, verschwanne soss ëmmer méi. Dat Administrativt kritt esou d'Prioritéit virun dem Pädagogeschen! **An nach emol: den Inspektorat MUSS eng Linn hunn op nationalem Plang!**

De Minister mécht sech Gedanken iwwert déi Klassen, déi eleng op engem Duerf sinn a wëllt dat an Zukunft, wa méiglech, vermeiden.

-**Contingent**: soll, nach besser **däerf** net weider erofgoen! De Contingent betruecht d'Kanner als "Wuer": et gëtt en Total u Kanner (vun 3-12 Joer), en Total u Stonnen an da gëtt eng einfach

# ENTREVUE

Divisioun gemaach. Esou einfach ass d'Schoul net, an esou däerf een net mat de Kanner sinn! D'Gemenge sinn dacks net fair a schaffen net mat der richteger Kannerzuel, z.B. ass d'Situatioun am September dacks eng aner wéi am Juni (Asylanten, Wunnengsbau, Crèchen, ...) an zemol mat der Rechnung vun de Kanner déi an de Cycle 1.1 kommen (obligation scolaire) klappt et net. Ons Fro, si ass net nei, mir stellen se all Joer: *Wéi ginn am Moment d'Kanner aus dem Précoce gerechent? Wéi déi déi net am Précoce waren?*

Hei ass de Minister och, wéi mir, der Meenung, datt all Kand muss zielen. De Minister versteet, datt de Contingent fir déi kleng Schoulen net einfach ze geréieren ass, well et do net vill Méiglechkeete gëtt fir d'Klasse gerecht opzedeelen. Et ass dacks du „simple au double". A grousse Gemengen ass et méi einfach. Am Noutfall kéint ee jo awer ëmmer nach Stonne beim Här Jean Schram ufroën.

**-PRS** a Fro stellen: vill Schoulen haten och do virdrun e grousst Angebot u verschiddene Projeten, mee elo, duerch dee groussen administrativen Opwand an d'Dokumentatioun hunn d'Leit keng Loscht méi domatzeschaffen. All PRS ass zäi topwendeg a bedeit vill Aarbecht. Mir fannen, dass Questionnaire wou Nimm zitéiert sinn (ob vu Kand, Elteren, Enseignant) däerfen net gëllen! Op d'mannst déi Äntwerten net! D'Leit aus der Agence-Qualité präsentéieren de PRS bei den Enseignanten anescht wéi bei den Elteren op Elterenowender (cf. Ranking vun de Schoulen). Super!

-**Appui**: -de Ministär muss eng kloer Linn virginn, wat den Appui selwer betrefft an d'Rapporten dozou. Iwwerall gëtt et anescht gehandhaapt (D'AIP huet scho viru Joeren e Katalog dozou eraginn a krut versprach, datt et um MEN géif verschafft ginn an e Recueil vun „ Exemples de bonnes pratiques" géif erauskommen....)



De Minister huet dat esou ugeholl an dem Här Guy Strauss den Optrag ginn dëst un den Inspektorat virunzeginn.

- **déi hallef Stonn déi iwwert eis Tâche eraus geet,** vun där mir virdru geschwat hunn, ass eng hallef Stonn „Appui". D'Organisatioun dovunn ass dacks opwendeg (Transport, MR, Crèche...), d'Kanner gi gestempelt, keng kloër Richtlinn wat als Appui zielt → idem Inspektorat keng Linn.
- Mir sinn der Meenung dass den Term ganz schlecht gewielt ass, well „Appui" éischter péjorativ kléngt.

  De Minister gesäit do kee Problem! Entweder seng éischt Ausso (Tâche hiewen!) wier eng Léisung oder mir sollten d'Appui-Stonne regruppéieren an z.B. samschtes moies Aktivitéiten unbidden.

**-Comité d'école:** wichteg, et wier flott wann all Cycle agebonne wär, awer dacks geet et net wéint der Klassenzuel oder et besteet eng raimlech Trennung. Heiansdo ass d'Laun tëscht de Memberen och schlecht well se net eens gi wéint dem *„wéini"* oder *„wou"* - dat gëllt och fir d'Concertatioun. Laut dem Minister misst dat jo awer machbar sinn!

-**Bilan intermédiaire:** een ze groussen Opwand wann een eng grouss Klass huet... z.B. Précoce mat enger Grupp vun 22 Kanner. Mir géifen et begréisse wann de Bilan intermédiaire een anere „Look" kréich, d.h. ewech vun de lassene Blieder.

De Minister huet der Mme Flore Schank den Optrag ginn, e Bilan, deen an enger Tabelle déi wichtegst Informatiounen zusummefasst mat ëmmer nach der Méiglechkeet vu Bemierkungen zu dem Kand, auszeschaffen, p.a. zu de neie Bilanen an de Cyclen2-4, eben ugepasst un ons.

-**Bilan de fin de cycle:** et wier fein wann e méi détailléiert wär an an engem Dokument mat deenen anere Cycle wär. Mir fannen dass net sollen d'Stonne gezielt gi wou d'Kanner feelen, mee Deeg oder ½ Deeg.

# ENTREVUE

**-Journal de classe**: méi Plaz, neie Look - onse Journal de classe ass net optimal fir all déi Donnéeën déi mir haut mussen dodran notéieren: z.B. Matricule, bei Scheedungen (2 Adressen), Tel-Nummeren + Handy-Nummeren…

Wëll de Menje nach e Stock huet dee fir 2 Joer duergeet, gëtt do am Moment näischt dru geännert.

**-Précoce:** et ass nach ëmmer vill **Floue am Précoce**: → *Plagen* (ganz verschidde vu Gemeng zu Gemeng)

- Admissioun während dem Joer (decidéiert do d'Gemeng?) Nach just no der Chrëscht vakanz! → d.h. 2x/Schouljoer (steet och elo esou an der Circulaire un d'Gemengen)
- Présence um 8 Auer? Assurance wann se dann net do sinn?
- Ass et obligatoresch regelmässeg ze kommen wann een ageschriwwen ass? Wann dat nämlech fakultativ ass, dann huelen déi Kanner aneren d'Méiglechkeet méi dacks ze kommen (wat awer vläicht ganz wichteg wär). Jo, am Prinzip SOLLEN déi Kanner och kommen!

**-Formation initiale**: méi praxisbezunn, all Beräich aus dem Plan d'études muss obligatoresch sinn! (am Moment komme Leit an d'Schoulen déi z.B. ni Musik gewielt hunn...)

De Minister war ganz erstaunt ze héieren, dat daat net esou wier…

**-EMP**: nach ëmmer ze wéineg Stonnen, Kanner kréie Stonnen ewechgeholl wann z.B. ee Kand bäiplënnert wat Hëllef brauch. Dacks leien déi Stonnen och guer net optimal.

De Problem ass bekannt. Et ass och dacks eng ethesch Fro, wiem een Hellëf gëtt a wiem net

**-PEP**: Zesummenaarbecht jo, mee d'Missiounen net vermëschen!!! D'Schoul huet en aneren Optrag wéi MR oder Crèche…..dat muss kloër definéiert ginn! (cf. Minister Meisch op RTL-Radio) D'Ausbildung vun de Mataarbechter an de MR: Qualitéit muss erop goen!



Hei hate mer déi gréissten Diskussioun well zemol den Här Achten eis ëmmer erëm gesot huet, de Raum an d'Ressources u Personal mussen zu all Zäitpunkt all de Kanner zegutt kommen. An der Circulaire un d'Gemengen steet jo elo schonn dran, datt d'Maison Relais och d'Schoulsäll ka notzen! An dat gëlt och fir d'Material.

**-Ancienneté nationale**: géif de Leit et erliichteren d'Schoul ze wiesselen (Problem stellt sech no der 1.Lëscht, well mir ons net méi kënnen op der 2. Lëscht mellen) Dëst Thema krute mir leider net méi ugeschwat.

**<u>4)Divers</u>**

**-Directeur d'école:** wéi gesäit et mat dësem Projet aus?

De Minister wëllt de Role vum President nach stäerken an d'Comitéën bäibehalen.

**-Formation continue**: wichteg mee et bleiwe Froën op: z.B. Formations prioritaires * Formatiounen déi vum Inspekter virgeschriwwe sin "duebel" Formatioun ( verschidden Inspekteren loossen alles fräi, anerer organiséieren souvill obligatoresch Formatiounen, datt een domat ausgelaascht ass. Dëst Thema krute mer leider nët ugeschwat.

-Wéi ass et mat der Formatioun fir d'Equivalenz nozemaachen fir am Cycle 2-4 ze schaffen an emgedréit? Do ass e Projet an der Maach zu deem mir och schonn en Avis ofginn hunn.

**-Sprooch:** mir sinn der Meenung, dass Lëtzebuergesch muss ons Kommunikatiouns – an Integratiounssprooch bleiwen, an, dass et eent vun onsen Haaptzieler ass, de Kanner eng gutt Basis an onser Sprooch mat op de Wee ze ginn. De Minister wëllt awer och d'Mehrsproochegkeet esou fréih wéi méiglech fir all Kanner zougänglech maachen.

**-AIP-Ass. Générale:** Invitatioun: 03.06.2014 op der Heringer Millen am Mëllerdall De Minister huet eis versprach ze kommen!

Luxembourg, le 30 mars 2014

Monsieur Claude Meisch
Ministre de l'Education nationale
de l'Enfance et de la Jeunesse
29, rue Aldringen
L-2926 Luxembourg

# Avis de l'AIP

## concernant la circulaire ministérielle aux administrations communales concernant l'organisation scolaire pour la rentrée 2014/2015

Tout d'abord l'AIP tient à remercier Monsieur le Ministre de demander notre association en son avis concernant ladite circulaire !

Dans notre avis nous nous limitons aux remarques les plus pertinentes concernant le cycle 1.

## 1 Missions des autorités communales dans le cadre de l'enseignement fondamental en liaison avec les structures d'accueil

### 1.1 Le Plan d'Encadrement Périscolaire

*Page 4 : Introduction:*

Dans l'introduction le Menje se soucie de ce que *« des mesures d'appui pédagogique soient prévues sur l'heure de midi »*.

Comme les titulaires des classes du cycle 1 ont à prester une demi-heure d'appui pédagogique en dehors du cadre de l'horaire normal des enfants, bon nombre de nos collègues se sont mis d'accord avec les responsables des structures d'accueil, de faire profiter également les enfants fréquentant les foyers scolaires/crèches ..., de cette unité d'appui pédagogique.

Monsieur le Ministre, depuis 2009 nous ne cessons de soulever ce problème aux responsables du Menje, mais une solution sur le plan national n'est toujours pas en vue. Nous avons remis un catalogue d'idées, relatives à l'organisation de cet « appui pédagogique » à vos collaborateurs - action restée, malheureusement, sans suite jusqu'à présent.

Pourtant, comme nos collègues sont très créatives et ne se laissent que difficilement décourager (p.ex. par école/foyer-MR sur différents sites, transport scolaire inévitable, parents non flexibles, ...), maintes solutions ont été trouvées afin de faire profiter un maximum d'enfants de cet appui pédagogique.

Si maintenant, nous nous retrouvons au point de départ et que les mêmes discussions recommencent - quel gâchis en temps et en énergie !

Peut-être ne nous reste-t-il qu'à suggérer à nos collègues de ne garder, pour cette demi-heure d'appui pédagogique (12h00-12h30), que les enfants des familles qui rentrent à la maison pour manger - mais alors : quelle discrimination envers les enfants des structures d'accueil !

Monsieur le Ministre, si votre prédécesseur et ses collaborateurs avaient été au qui-vive et avaient fixé notre tâche à 26 leçons au lieu de 26,5, le problème ne se poserait pas !

*Page 4 : L'organisation du temps de midi*

Monsieur le Ministre, votre idée *de mettre en place un modèle de restauration correspondant à la formule «buffet»* nous a vraiment étonnée. Nous voilà donc partis pour une formule : école = Club MED ?

En effet, nous ne nous pouvons pas imaginer comment une telle agape *«quand/ avec qui/ quoi»* est réalisable dans des foyers ou autres structures de garde où les repas ne sont pas préparés sur place, mais livrés par un service de restauration. Un autre problème, à nos yeux, sont les enfants présentant une allergie alimentaire. Comment garantir que ces enfants ne se choisissent pas un plat nuisible à leur santé ?

# LETTRE AU MENJE

De plus, Monsieur le Ministre, concernant les enfants vous parlez de *«…besoin de liberté»* et de *«…concevoir leur loisir selon leur désir»,* comment, dans cet ordre d'idées, éduquer les enfants à la discipline à table ? Nous sommes d'avis que le rôle des éducateurs des maisons relais, foyers scolaires ou autres structures de garde est d'organiser l'heure de midi comme dans une famille, c'est-à-dire manger à table avec un petit groupe d'enfants, avec sur la table des soupières, des plats, des saladiers, … et que les enfants se servent d'après leur goût et leur appétit.

*Page 5* :

Monsieur le Ministre, l'AIP déplore fortement que le Menje ne cesse de prôner une synergie entre infrastructures scolaires et structures d'accueil. Depuis maintes années, l'AIP, de par ses expériences (!), exprime ses doutes quant à toute synergie exagérée - en effet, à nos yeux,:

a) il ne faut pas mélanger les deux missions si différente l'une ( pédagogique ) de l'autre ( éducative ) !!!
b) il n'est pas bien de garder les enfants sur un même site durant des heures, des journées, des semaines, des mois, voire des années !
c) il faut limiter l'utilisation multifonctionnelle des bâtiments aux infrastructures sportives et à la cour de récréation.

Monsieur le Ministre, il n'est pas tolérable que pour des raisons d'économie – parce que c'est là la vraie raison - le bien-être des enfants ne souffre ! Il ne nous vient pas à l'esprit d'envahir votre bureau (**votre** lieu de travail) ni le soir après votre départ à la maison, ni les jours de votre congé. Pareil pour les bureaux de vos collaborateurs! Monsieur le Ministre, de même nous ne voulons pas que quelqu'un vienne s'installer à notre bureau (dans «notre» salle de classe), c.-à-d. **notre** lieu de travail ainsi que celui de «nos» enfants !!!

### 1.4 Organisation de l'Education précoce

*Page 8*

L'AIP salue la décision du Menje de n'engager à l'avenir, comme 2e intervenant au sein des classes d'éducation précoce, que des agents, détenteurs d'un diplôme d'éducateur. Grâce à cette mesure les dissonances qui règnent à différents endroits trouvent une fin.

## 2 Le contingent de leçons attribuées aux communes et aux syndicats scolaires

*Pages 10*

En ce qui concerne le contingent, l'AIP reste d'avis qu'il faudra mettre plus de «ressources humaines» à la disposition des communes afin de garantir la qualité pédagogique à notre population scolaire si hétérogène et, par conséquent, l'AIP demande que l'indice du contingent soit adapté aux besoins réels de notre école publique!

## 3 L'organisation scolaire 2014/2015

### 3.5 Organisation des classes de l'éducation précoce

*Page 15 :*

*Inscriptions et admissibilité des enfants*

L'AIP est d'avis, qu'afin de garantir un travail fructueux avec les enfants du précoce, il ne faudrait prévoir que deux admissions au courant de l'année scolaire : une en septembre et une en janvier. En effet, les enfants admis après Pâques ne s'intègrent que difficilement dans le groupe-classe.

Remarque concernant le contingent de leçons attribuées :

Quant au calcul des enfants susceptibles d'entrer au cycle 1.1 mais n'ayant pas été inscrits au précoce, nous avons toujours nos doutes sur le total servant de base pour la préparation et la finalisation de l'organisation scolaire. De plus, aussi longtemps que les enfants, qui ne sont inscrits que pour 4 plages ou moins au précoce, ne comptent que pour ½ enfant (!!!), aussi longtemps le total est falsifié ! Nous demandons donc au Menje de prendre en considération, pour le calcul du contingent de leçons, **TOUT** enfant pouvant fréquenter une classe du cycle 1.1 l'année suivante au lieu de se référer à un «taux de fréquentation» pris au hasard.

*Structures d'accueil et éducation précoce*

Monsieur le Ministre, si vous évoquez des projets pilotes concernant l'encadrement des enfants du précoce, est-ce qu'il s'agit de projets à *journée continue* ou bien de projets *à journée prolongée*? Notre crainte est que notre « Spillschoul », si importante et si bien organisée, ne vire à des structures style «Kinderhort» ou « **Ki**nder**Ta**gesstätte» organisées en Allemagne. Là encore, ce serait le monde à l'envers ! D'un côté, il y a les Alle-

mands qui nous envient notre éducation préscolaire («Vorschule») de qualité et qui tentent de nous imiter et d'un autre côté, il y a nous qui abandonnons notre système, apprécié par chacun, pour revenir à des garderies de jour !

# 5 Réaffectations et affectations aux postes vacants d'instituteur et d'éducateur

## 5.2 La 1re liste : la procédure de réaffectation

*Page 22*

Monsieur le Ministre, nous trouvons injuste que les instituteurs ne puissent introduire une demande de réaffectation sur la 2e liste de postes vacants. En effet, un instituteur pourrait s'intéresser à un poste devenu vacant après les réaffectations effectuées sur la 1re liste, mais la loi l'en prive ! A notre avis, il faut redresser cette injustice et cette discrimination en offrant une 2e chance de réaffectation aux instituteurs sur la 2e liste de postes déclarés vacants.

# 6 Prises en charge des enfants à besoins spécifiques

*Page 27*

L'AIP félicite le Menje de son intention de rapprocher le personnel spécialisé des écoles, voire l'y affecter ! Enfin une demande de l'AIP se concrétise et l'AIP espère qu'ainsi les aides pour enfants à besoins spécifiques seront augmentées, les spécialistes interviendront plus rapidement et toute paperasserie exagérée sera évitée. Monsieur le Ministre, nous vous rappelons que ce sont nous, les instituteurs du cycle 1, qui sont le plus confrontés aux problèmes que posent les enfants à besoins spécifiques puisque ce sont nous les premières personnes de référence des enfants concernés et de leurs parents avec l'école publique.

Dans l'espoir que nos remarques et suggestions seront prises en considération, nous vous prions d'agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de notre très haute considération.

le comité de l'AIP



# ADHÉSION OU CHANGEMENT

## Cotisation annuelle assurance comprise

Le montant de la cotisation s'élève à 18 Euro pour les membres, qui sont encore actifs dans la profession, respectivement 12 Euro pour les retraités et les membres d'honneur

### Demande d'adhésion ou changement d'adresse ou mise en retraite

Je désire devenir membre à partir du ..............................................(date).
Une facture vous sera envoyée en janvier

Nom : ______________________________

Prénom ______________________________

Brevet : ______________________________

Courriel/Email : ______________________________

Lieu de travail: ______________________________

Fonction actuelle: ______________________________

Adresse: ______________________________

______________________________

______________________________

Tél: ______________________________

Signature: ______________________________

**À renvoyer à notre trésorière :**

**AIP** c/o Madame Theobald-Schmit Joëlle

24, rue de Mensdorf
L- 6921 Roodt-Syre
e-mail: joelle.theobald@education.lu
fax: 26 71 78 56
Tel: 691 25 02 69
CCPLLULL IBAN LU84 1111 0405 4192 000 avec la mention "Cotisation AIP"

# LETTRE AU MENJE

Luxembourg, le 30 mars 2014

## Avis de l'AIP sur l'avant-projet de règlement grand-ducal
### déterminant, e.a., les modalités des formations et épreuves concernant des agents intervenant dans l'enseignement fondamental

Monsieur le Ministre, c'est avec satisfaction que nous avons pris note de votre volonté d'offrir de nouveau une formation aux instituteurs/trices qui désirent accomplir la part des formations, théorique et pratique, complémentaires, les habilitant, par après, à enseigner dans tous les cycles de l'école fondamentale.

L'AIP, étant demandeur depuis longue date de la reprise de ces formations, s'empresse de vous faire parvenir son avis y relatif, tout en se limitant aux détails qui concernent plus précisément les collègues du cycle 1 qui voudront aussi enseigner aux cycles 2, 3 et 4..

**De la formation et des épreuves**

*Art. 1ier page 2*

Concernant la formation théorique à suivre par les candidats, nous sommes d'avis que le total de 100 heures est raisonnable. La seule remarque à faire c'est que nous jugeons superflues les 12 heures à suivre dans les domaines : expression créatrice, éveil à l'esthétique et à la culture, arts plastiques, musique. (point 4) En effet , nous sommes persuadées que nos collègues sont le mieux formés quant à ce domaine d'apprentissage. En échange nous proposons de répartir ces 12 heures de la façon suivantes :

1. langage (40 heures)
2. mathématiques (20 heures)
3. éveil aux sciences (16 heures)

afin d'approfondir le sujet de l'évaluation dans ces domaines précis.

Dans cet ordre d'idées il faudrait remplacer l'épreuve écrite ou orale sous le point 4, par une épreuve écrite ou orale en rapport avec l'évaluation.

*Art. 5. page 3*

Concernant l'admission des candidats aux formations, nous nous opposons strictement à l'idée de donner *priorité aux candidats les plus jeunes*. A nos yeux, il serait d'une grande importance que les plus jeunes candidats acquièrent d'abord une base solide dans leur(s) cycle(s) respectif(s) avant de s'inscrire pour la formation complémentaire à leur brevet.

*Art. 11. page 4*

L'AIP saluerait le fait que les formations offertes, concernant les domaines sous 1-2-3, seraient assurées **exclusivement** par des membres du collège des inspecteurs de l'enseignement fondamental. Ce sont eux les mieux placés pour être au courant des problèmes journaliers qui se posent dans nos écoles.

**Commentaire des articles**

*Ad art. 1 et art. 2 page 6*

Comme à l'article 1er page 2 on commence avec la formation cycle1→ cycles 2-4, il nous semblerait logique de faire de même concernant les explications y relatives données dans le commentaire des articles. C'est-à-dire, donner d'abord les détails de la formation cycle1 → cycles 2-4 et après les détails de la formation des cycles 2-4 → cycle1.

*Ad. Art. 9 page 7*

A l'article 9 page 4, il est retenu que chaque candidat peut se présenter 2 fois à la formation tandis que dans le commentaire de l'article en question il est écrit que chaque candidat ne peut se présenter qu'une seule fois à la formation. Monsieur le Ministre, nous préconisons de rester à la formulation de l'article 9 !

Dans l'espoir que nos réflexions et suggestions, formulées dans notre avis, ne tombent pas dans l'oubli mais aideront à améliorer les formations proposées, nous vous prions d'agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de notre très haute considération.

le comité de l'AIP

# Entdeckungen am Inteland

**1,2,3 dir Kanner kommt erbäi.**
**4,5,6,7 d'Hänn gi fest geriwwen.**
**8,9,10 wou gi mir haut dann hinn?**

"An d'Inteland" ass déi begeeschtert Äntwert vun de Kanner, déi dëst Aféierungssprechelche kennen.

D'Inteland ass ee spilleresche Mathéspogramm fir Kanner vun 3 bis 4 Joer. D'"Zahlenland" baut op d'Erfahrunge vum Inteland op an ass fir den Cycle 1.1-1.2 geduecht.







D'Landschaft vum Inteland besteet aus engem Séi, dem Intenhaus, dem Intewee, der Spillplaz an dem Labyrinth. Nom Sprëchelchen an nodeems d'Kanner gezielt hunn zu wéi vill mir si gëtt d'Landschaft zesummen opgeriicht.



Am Inteland wunnen:

-d'Intekand: eng fuerwëtzegt Intche mat engem bloe Schal déi ëmmer rëm neit Material matbréngt .

-de Fuuss, deen heiansdo Saache stibitze kënnt an déi d'Kanner a seng Hiel musse siche goen oder dee Saachen duerchernee mécht déi da rëm sollen sortéiert ginn.-d'Int Megaschlau, déi mengt schonn alles ze wëssen awer alles falsch mécht. Si wëll alles alleng a mega-gutt maachen, muss sech zu gudder Läscht awer ëmmer rëm vun de Kanner hëllefe lossen.

# MATHÉ

De Programm besteet aus 2 Bicher à 15 Lektiounen. Et bidd sech un d'Inteland ee Mol d'Woch mat 8-12 Kanner ze entdecken. Mir deelen eise Précocegrupp dofir an 2, an op 2 Deeg op.

**D'Theme vum 1. Buch sinn:**
- d'Faarwen
- bannen / baussen
- d'Formen (ronn / eckeg, dono Krees, Dräieck, Quadrat, Rechteck)
- Zielen / Würfelbild
- Simultanerfaassung



**D'Theme vum 2. Buch sinn:**
- Soliden (Quader, Kugel, Pyramid, Wierfel)
- Uewen / Ënnen
- Gewiichter
- Héicht / Längt
- Vir / Hannen
- Rechts / Lenks
- Virdrun / Duerno
- Joreszäiten

D'Lektiounen hunn ëmmer dee selwechten Oflaf: d'Kanner zielen, Moie-Spréchelchen, Widderhuelung, d'Intekand bréngt neit Material, ee Bewegungsspill, eng Integeschicht, evtl. eng Fiche zum Thema, Äddi-Spréchelchen.

Eng Lektioun baut op déi aner op. Et ass awer duerchaus méiglech verschidde Lektiounen ewech ze loossen. D'Soliden z.B. schéngen eis een ze vill schwéiert Thema fir de Précoce ze sinn. Eis geet et duer wann d'Kanner d'Grondformen erkennen a benenne kënnen.

Mir fänken ëmmer no der Allerhellegevakanz mam Inteland un. Dat éischt Buch kréie mir sou gutt ofgeschloss an aus dem zweete Buch zéie mir eis déi Saachen eraus déi eis wichteg erschéngen.

Wien d'Inteland a senger Klass wëll aféieren, deem recommandéieren ech d'Formatioun vum SCRIPT ze maachen, et kann een sech natierlech och op eege Fauscht an d'Matière eraschaffen. D'Material vun Inteland kann ee beim "Merlin" bestellen a kascht 535 €.

Bleift nach ze soen dat d'Inteland an d'Zueleland ee groussen Deel vun de Mathéskompetenzen vum Cycle 1 ofdeckt, an dat op eng spilleresch an attraktiv Art a Weis.



An deem Sënn:

**1,2,3 dir Kanner kommt erbäi.**
**4,5,6,7 mir wiere gär nach bliwwen.**
**8,9,10 mir komme geschwënn erëm !!**


Martine Diederich-Atten


# JOURNÉE DU LIVRE

## D'MAUS KÄTTI vum Auguste Liesch

Eng flott Ëmsetzung an deene 4 Zyklen an der EF Mompach
" Journées du livre et du droit d'auteur"
An deene 4 Zyklen ass d'Geschicht vun der Maus Kätti behandelt ginn, an eng „ boîte aux idées" gefëllt ginn, déi duerno an deene verschiddene Klassen entdeckt ginn ass.

### Zykel 1 précoce



1 Fotoalbum zu der Maus Kätti

### Zykel 1.1 an 1.2






1 Würfelspill matt Froen zu der Maus

### Zykel 2.1




- Eng Faltmaus + Bastelanleitung
- Lidd: Mäusesport + Stick wou d'Kanner d'Lidd sangen
- E Leporello– Billerbuch
- Geschicht vun Landmaus a Stadtmaus (Aesop)
- 2 Sachbicher vun der Maus

### Zykel 2.2



- Bastelanleitung: Kazen a Mais
- Molbuch: Maus Kätti
- Eischten Text a Schreiwschrëft
- Lidd: Die Maus auf Weltraumreise
- Gedicht: „Une souris qui" an „ ma souris a sept habits"
- Konscht: „ Ich zeichne eine Maus"

# JOURNÉE DU LIVRE

## Zykel 3.1



„Les aventures de Kätti et de Mim“ (eng fräi erfonnten a sëlwer gemolte Geschicht)

## Zykel 3.2



- Film : Maus Kätti op Lëtzebuegesch gespillt (Stick)
- Fotosalbum matt enger neier Geschicht vun 2 Mais

## Zykel 4.1





- Masken
- 1 Memory
- 1 Film (Dëschtheater) matt de Figuren fir nozespillen

## Zykel 4.2







- 2 gebastelt Haisercher matt de Figuren fir d'Geschicht ze spillen
- 2 Memorien an 1 Billerbuch

Joëlle Theobald - Schmit

# PÉDAGOGIE

## KOMM MAT BEI D'ALPHAS!

Am 3. Trimester arrangéiere mir eis ënnert eise Klasse fir all Woch emol engem Grupp vun ongeféier 12 Kanner aus dem Cycle 1.2. d'Méiglechkeet ze ginn, d'Alphas kennenzeléieren.

**Wat sinn d'Alphas?** D'Alphas si Figuren a Buschtaweform vum **Logo Lern-Spiel-Verlag** déi all Kéiers en Déier oder e Géigestand duerstellen dee mat deem Laut ufänkt. Sou ass z.B. den Här O ganz ronn, mécht gäre Seefeblosen a seet dann ëmmer „O" wann en eng gesäit. De „K" gëtt duerch e Känguru symboliséiert an den „T" duerch en Telefon. Duerch eng spannend Geschicht, an där d'Alphas a Gefor sinn, léieren d'Kanner se kennen. Zousätzlech hu mir nach d'Vokaler grouss gebitzt an e puer aner Buschtawespiller besuergt.

D'Kanner kënnen d'Figure manipuléieren a léieren am Spill eenzel Lauter mateneen ze verbannen.







**Aktivitéite mat a ronderëm d'Alphas:**

-Nolauschteren an Nospillen

-Film kucken

-Lidd sangen a mat de Buschtawen danzen

-Spiller: Am Sall Géigestänn siche wou een dee Laut dran héiert
Bewegungen a Lauter vun den „Alphas" nomaachen
Wieder noleeën

-Gestalten: Liiblingsalpha molen Schëld aus Lehm oder Salzdeeg mam Numm
Hex Furiosa bastelen
Fichen
Verschidden aner Spiller.







No dësem flotte Programm konnten all d'Kanner Silbe vu mindestens 2 Lauter liesen. All Woch koume si voll Begeeschterung d'Alphas besichen a ware gespaant, wat si um Planéit vun den Alphas géif erwaarden.

Joëlle Niederweis

# MUSICAL-OPFÉIERUNG MAT KANNER

Um Schoulfest oder fir d'Elteren kann ee mat de Kanner aus dem Cycle 1 e flotte Musical opféieren. Dëst ka vun enger Klass alleng gespillt ginn, et kënnen awer och e puer Klassen zesumme dat maachen, da muss een zum Schluss e puermol zesumme prouwen.

Et sicht een sech en Thema, eng Geschicht oder eventuell en Déier eraus an da baut een de Musical dozou op. Fir eng Klass sicht een 2 bis 3 Lidder an och 1 bis 2 Dänz déi bei Äert Thema passen eraus, et däerf awer och méi sinn, mee meeschtens iwwerfuerdert een d'Kanner dann bei der Opféierung a si kënnen sech net esou laang konzentréieren.

Bei méi Klassen sicht all Klass sech 1-2 Lidder an och 1 Danz zum Projet eraus. Während déi eng Klass eppes virdréit, mussen déi aner Klassen eng Statisteroll am Stoen oder am Sëtzen iwwerhuelen. Et kann een awer och d'Klassen noeneen optriede loossen an duerch Zoufall ergëtt sech dann, dat si och erëm verschwannen. Awer zum Schluss sollen se erëm all op der Bühn erschéngen, well d'Finale muss matt hinnen all opgeféiert ginn. Wann da vill Kanner op der Bühn



sinn, ass et och ganz impressionant.

Nach e puer kléng theoretesch Bemierkungen zu de Lidder an den Dänz. Am Ufank géif ech des einfach a capella sangen an danzen. Fir dann eng Steigerung an eng Ofwiesslung derbäi ze kréien kann ee kléng Instrumenter oder eng CD-Opnahm mat Playback oder Live-Begleedung mat engem Instrument derbäi huelen.

D'Finale géif ech jiddefalls mat Musek maachen. Mee zu engem richtege Musical gehéiert awer och eng Kuliss, dëst kann e grousst gemoolte Bild sinn, wat een hannert der Bühn ophänkt oder gebastelt Saachen oder Figuren, déi een hannendrun oder dernieft stellt. D'Schauspiller mussen dann och nach geschminkt ginn. Et kann een awer och eng Verkleedung oder e Kappdekor mat hinnen bastelen oder molen.

Elo genuch zur Theorie, well dëst schéngt komplizéiert, wann een dann awer e Beispill gesäit,

# MUSEK AN DANZ

dann ass et méi einfach ze verstoen. Ech hat op deem leschte Schoulfest e Musical mat enger Klass aus dem Cycle 1 opgeféiert zum Thema **FRÄSCHEN.** D'Thema hätt awer och kinnte sinn d'**Fräsche beim Weier**. Ech hunn du versicht Lidder an Dänz zum Thema ze fannen. Well ech genuch lëtzebuerger Saache fonnt hunn,





hunn ech näischt missen iwwersetzen oder adaptéieren. Ech ginn Eech alles un, wat ech fir dëse Projet fonnt hat, et gëtt bestëmmt awer nach vill méi.Material zu diem Thema:

1. Zinglabumm Nr 1:Bahlupp, seet de klenge grénge Fräsch... Lidd, Geschicht a Spill-Instruktioun. (Dëst ass eng fäerdeg Geschicht mat verschiddenen Déieren.)
2. Zinglabumm Nr 4:Beim Weier... E Fräsch dee seet... Lidd/Bewegungs-Spill (Mat verschiddenen Déieren)
3. Zinglabumm Nr 4:De Fräschelchen am Waasser... Lidd/Krees-Spill...
4. Zinglabumm Nr 4: fannt dir nach villes iwwer aner Waasserdéieren...
5. Zinglabumm Nr 1:Wiederfräsch quak, quak... Lidd, awer och flott fir op de Playback derbäi ze „quaken". Aner flott Lidder fannt dir do zum Wieder, verschiddener passen och dozou. Um Site vun www.INECC.lu fannt dir all déi CD'en an och d'Playbacken.
6. Zinglabumm Nr 2: do fannt dir Lidder an Dänz zum Thema Fréijoer, Beien, Blummen, dëst géif och derbäi passen, jenodiem een Thema ausbaut?
7. Déi Fräschen, déi Fräschen, dat ass eng droleg Zuucht, se wäschen sech net...
8. En traditionellt Lidd, wat RTL erëm eng Kéier an enger Brochure mat CD eraus ginn hat.
9. Den TutteBatti: De Fräsch... Lidderbuch mat CD vum SNE. An diem selwechte Buch nach eppes Anescht wat eventuell passe kënnt: Mäin déckt Krokodill... Zing Musticken...
10. Lidd: De Fräsch an de Storch... aus dem „Sang Mat" 100 Lidder fir déi Kleng, Edition Ernster (leider vergraff).
11. Vun enger Musepsäit de Fräscheconcert: Haut ass e Fest bei de Fräschen um Séi... Lidd mat Orffbegleedung oder als Kanon.
12. Eis beschte Stuff: Op engem schéine Summerdag, do quaakt de Fräsch bei senger Baach... (Lidd mat Ëmweltbewosstsinn). Lidder- a Gedichtbuch mat CD vun der Erwuessenebildung.
13. De Fräschekinneg... kann och nach zu dem Thema passen?
14. De Weier... aus dem Lidderbuch „Sange mecht Spass Nr 2" mat CD, do fannt dir och nach „Eng Kleng Bei".
15. Himmelsdéierche fléi... och als Playback als Danz op der CD Butzeg Lidder Volume 3.
16. Fir neutral Dänz derzou ze maachen ass d'CD vum „Schnappi, das kleine Krokodil" ganz flott. Et kann een sech awer och eng rhythmesch Musek zum Thema Waasser oder Bësch derzou sichen oder eng ganz romantesch fir d'Stëmmung beim Weier erëm ze ginn. Op „You Tube" kënnt Dir Iech och d'Melodien vum Andreas Vollenweider ulauschteren. Des eegenen sech besonnesch gutt fir e Fantasiedanz.

# MUSEK AN DANZ

17. Mierdanz oder Partydanz als Playback aus " Sange mecht Spass Nr 2" mat CD.


Hei kënnt Dir Eech dann dat néidegt Material eraussichen. Flott ass et wann Dir dat Ganzt mateneen verbannt an diem Dir eng Geschicht dorausser maacht. Entweder seet d'Joffer iwwerall een oder zwee Sätz als Iwwerleedung oder Dir loosst jee e Saz vun engem Kand dertëschent virdroen. Dir kënnt awer och als Aleedung kuerz d'Handlung vum Stéck am Viraus erklären.

Ganz flott ass et wann d'Fräschen hopsen a quaken, sief et fir op d'Bühn oder fir erof. Sinn nach aner Déieren derbäi, kënnen déi och derbäi kommen andiem si hir Lauter ruffen...

Als Kostüm kann een d'Kanner bieden all an der selwechter Faarf ugedoen ze sinn, als Fräsch z.B. gréng, als Bei wa méiglech giel... Et kann een awer och riisen Dreckstuten (am beschte wäisser) als Rack zouschneiden a bemolen oder et moolt ee mat de Kanner all en T-Shirt.

Als Bäilag fannt Dir nach kléng Skizzen fir sech als Fräsch ze verkleeden. Je no Kannerzuel kann een awer och nach Kiewerleken, Beien, Himmelsdéiercher oder Beem a Blummen als Personnage duerstellen...

**Vill Freed bei der Opféierung vun Ärem Musical!** Dir kënnt eis och gären nodréiglech e puer Fotoen do zou schécken, déi veröffentleche mir dann op eiser Homepage. www.aip.lu



Dem Fräsch seng Patten hu mer mat eise mat Stofftfaarw bemoolte Fanger derbäi gestempelt.

Je 2 X déi grouss Form als Patten mat engem drugeklammerte Lastik iwwer d'Schong undoen, déi kléng si fir iwwer d'Hänn.




An dësem Buch fënnt e vill Uleedungen zu Dänz an och zu passender Musek mat Angab vun den CD'en dozou.

Simone Thill-Buchmann

SPORT

# Capoeira ee Sport fir grouss a kleng


**Wat ass Capoeira ?**



Et ass eng Kampfkonscht oder an anere Wierder e Kampfdanz. Capoeira huet säin Ursprong a Brasilien fonnt, wou et zu Kolonialzäiten vun afrikanesche Sklaven ausgeübt gouf. *Zu där Zäit hat ee Sklav kee Recht kämpfen ze léieren, an huet et dofir an engem Ritualdanz mat Musek verstoppt. Esou konnt hie léieren sech ze verteidegen a seng kulturell a moralesch Wäerter bäizebehalen. Fir hir Meeschteren huet et dunn esou ausgesinn, wéi wann si just géifen matenee spillen. D'Capoeira ass also eng Mëschung vun verschiddenen afrikanesche Kulturen a Reliounen, déi sech um brasilianeschen Terrain entwéckelt huet. **

**Wéi gëtt Capoeira gemaach?**

Déi dräi Haaptelementer an der Capoeira sinn: Kampf, Musik an „Roda" („portugiesesch: Krees"). De Kampf ass vu Fousstrëtter, Auswäichbewegungen an Akrobatiken gekenntzeegent. Ee Basisschrëtt, „Ginga" genannt, erlaabt et d' Mouvementer fléissend auszeféieren. De Kampf ass e Wiesselspill tëschent Ugrëff a Verteidegung andeems et drëms geet laanschteneen ze kommen. Natierlech ass d'Akrobatik och ee wichtegen Deel an der Capoeira, fir deem Attaque- Defense- Spill eng kleng Ofwiesselung ze ginn, an dem Kampf eng ästhetesch Form ze ginn. De Kampf fënnt ëmmer an der Roda statt. D'Roda ass ee Krees vun Capoeiristen a Museker. An der Mëtt kämpfen der ëmmer zwee mateneen, wat an der Capoeira awer de Begrëff „Spill" huet. Déi zwee an der Mëtt ginn ofgewiesselt vun anere Capoeiristen am Krees déi d'Initiativ ergräifen sech dem Kampf ze stellen. Dee richtege Moment gëtt ofgewaart, fir de Kampf z'iwwerhuelen, an ee vun deenen zwee Kämpfer ofzeléisen. D'Musik fänkt ëmmer als éischt un. Da klappen d'Capoeiristen de Rhythmus mat den Hänn mat, a schliesslech, op d'Zeeche vum Trainer, kann de Kampf ufänken.



*http://www.abadacapoeira.lu/History.php
**http://de.wikipedia.org/wiki/Capoeira

**Meng Erfahrungen an der Capoeira:**

Ech hu virun engem Joer mat Capoeira ugefaangen an hu bis elo ganz positiv Erfahrungen gemaach. Ech hunn d'Eegenschaften; Respekt, Disziplin, Freed, Musik, Sport, Gläichgewiicht, Selbstkontroll, Selbstbewosstsinn, Sozialisatioun, Gläichwäertegkeet an där Sportaart nei kennegeléiert a war positiv iwwerrascht:

Respekt a Gläichwertegkeet:

Wéi ech als neie Member an de Capoeira-Grupp komm sinn, sinn ech ganz léif empfaange ginn, an hu vun deene méi graduéierte Membere gewisen kritt, wéi et geet. Wann een eppes net kann, gëtt ee motivéiert a kritt mat ganz vill Rou a Gedold gewise wéi et geet.

D'Aufgab vun deene méi graduéierten ass, et sech em d'Ufänger ze këmmeren an se ze verbessere wann si ee Mouvement falsch maachen.

**Disziplin:**

An der Capoeira do ginn et Regelen, déi ee lues a lues mat all Training léiert. Jiddereen hält sech drun, an et ass esou wéi den Training funktionéiert. Et sinn net nëmmen Spillregelen am Kampf, mee och moralesch an ethesch Regelen, an esouguer Liewenswäisheeten déi ee léiert. Zum Schluss vun all Training hält den Trainer eng Ried

# SPORT

an där hien e Feedback zu eiser Leeschtung gëtt an säi Savoir-faire vermëttelt. Dëse Feedback erméiglecht eng Progressioun fir all Member.

**Musik a Freed:**

Mat traditionellen Instrumenter, ënner anerem Berimbau, Atabaque, Pandeiro an der Stëmm, gëtt Musik gemaach. Den Trainer oder de Meeschtgraduéierte séngt Strophen, an déi aner sangen de Refrain a klappe mat den Hänn de Rhythmus. D'Musik dréit ganz vill zu der Motivatioun, der Freed an der Leidenschaft zu dësem Sport bäi.. Et mécht Spaass a stäerkt d'Gefill vum Zesummesinn.

**Sport, Gläichgewiicht an Selbstkontroll:**



D'Bewegunge vun der Capoeira erfuerderen andauernd d'Gläichgewiicht an d'Selbstkontroll. Schonn eleng nëmmen de Grondschrëtt (Ginga), aus deem all aner Bewegungen eraus gemaach ginn, verlaangt e gutt Gläichgewiicht an eng gutt Kierperspannung. Wann een dat dann eenegermoosse kann, da kommen nach d'Akrobatien derbäi, wéi Kapp - an Handstand, d'Rad schloen an nach vill méi Übungen, bei deenen ee léiert säin eegent Kierpergewiicht ze droen, respektiv am Equiliber ze halen. Dës Übunge kaschten am Ufank ganz vill Iwwerwannung. An och do kann een Technike léieren, déi et méi einfach maachen. Wann een dat dann erreecht huet, ass ee ganz stolz, an natierlech em eng Portioun Selbtbewosstsinn méi räich.

**Selbstbewosstsinn:**

Initiativ ergräifen a sech dem Kampf stellen, kascht ganz vill Selbstbewosstsinn. Am Ufank ass et ganz schwéier sech ze trauen an d'Mëtt vum Krees ze goen an ze spillen, mee mat der Übung an der moralescher Ënnerstëtzung vum Trainer oder deenen anere Memberen, kritt ee lues a lues Sécherheet an traut sech ëmmer méi mat aneren am Krees ze kämpfen.

**Sozialisatioun:**

Ech hunn nach ni esou vill verschidden Nationalitéiten an verschidden Alterskategorien beienee begéint, an egal wéi eng Sprooch ee schwätzt, et ass ëmmer eng Kommunikatioun do.
An am Respekt zum Aneren, gëtt sech zesummen ausgetauscht an trainéiert.

Mir hunn ee mol d'Woch een Training, wou och d'Kanner vun 4 - 13 Joer kommen. Do gëtt dann ëmmer een Erwuessene mat engem Kand zesummegesat a si maachen d'Übungen zesummen. Wou ech dat fir d'éischt gesinn hunn, war ech erstaunt vun de Kanner hire Fähegkeeten. Si konnte schonn déi brasilianesch Lidder matsangen, hu sech getraut an der Mëtt eppes virzemaachen. Virun allem, wat si a kuerzer Zäit schonn alles geléiert hunn:



Handstand, Kappstand, d'Rad schloen, d'Bréck maachen, .... sinn Bewegungen déi d'Kanner an hirer Fräizäit sollten austesten. D'Capoeira schaaft Situatioune wou dëst méiglech ass a bréngt d'Kanner op allen Niveauen weider.

Fir mech ass et ee Sport an deem sech grouss a kleng, jonk an al zesumme mat Freed a Respekt begéinen, vunenee léieren an progresséieren. Ech hoffen ech hunn iech virwëtzeg gemaach an dir hutt Loscht kritt vir et ze testen. An der Capoeira ass jidderee wëllkomm.

Nathalie Poos

# BASTELEN

## STOFF-PAP-TECHNIK







**Material:**
- wäisse Stoff (al Bettdicher, T-Shirten....)
- opgeléiste Pap
- Acrylfaarf (Gouache geet och, gëtt awer net sou schéi blénkeg)
- Plastik fir ofzedecken (Toile cirée, Dreckstuten...)
- Pinselen

De Stoff platt an ouni Knujelen op de Plastik leeën an de Pap driwwer verreiwen, dat geet am beschte mat den Hänn!

Da mat Acrylfaarf direkt op dat naasst Stoff molen. Et kann een net nëmme verschidde Muster op d'Stoff molen, mee och nach mat allerlee Geschir Musteren dra krazen (mat Forschetten, gezackte Spachtelen...).

De Stoff muss da gutt dréchnen a kann da viru verschafft ginn.

D'Virdeeler vum gestäerktene Stoff:
- e léisst sech gutt schneiden
- et kann een en zesummentackeren, bitzen oder mat der Pëschpistoul pëschen

Martine Diederich-Atten







# KULTUR

## Gedicht oder Lied: Sind so kleine Hände...









Sind so kleine Hände, winz`ge Finger dran.
Darf man nie drauf schlagen, die zerbrechen dann.

Sind so kleine Füße, mit so kleinen Zeh`n.
Darf man nie drauf treten, könn sie sonst nicht geh`n.

Sind so kleine Ohren, scharf und ihr erlaubt
Darf man nie zerbrüllen, werden davon taub

Sind so schöne Münder, sprechen alles aus.
Darf man nie verbieten, kommt sonst nichts mehr raus.

Sind so klare Augen, die noch alles seh`n.
Darf man nie verbinden, könn`n sie nicht versteh`n.

Sind so kleine Seelen, offen und ganz frei.
Darf man niemals quälen, geh`n kaputt dabei.

Ist so'n kleines Rückgrat, sieht man fast noch nicht.
Darf man niemals beugen, weil es sonst zerbricht.


Grade klare Menschen, wär'n ein schönes Ziel
Leute ohne Rückgrat, habn wir schon zuviel

- Bettina Wegner -










http://www.golyr.de/bettina-wegner/songtext-sind-so-kleine-haende-663957.html



# OPRUF UN D'SCHOULKLASSEN




## Die Aufgaben von „Wäertvollt Liewen" e.V.

Im Februar 2012, wurde der eingetragene **Verein Wäertvollt Liewen** von der Familie Scheer, anderen Betroffenen und Freunden gegründet. Wäertvollt Liewen möchte Menschen, welche an der neuro-degenerativen Krankheit, der amyotrophen Lateralsklerose (ALS) oder ähnlichen Pathologien erkrankt sind, unterstützen. Das längerfristige Ziel von Wäertvollt Liewen ist es, ein **nationales und/oder interregionales Kompetenz- und Referenz-Netzwerk für ALS**, Intensivpflege zuhause durch Vertrauenspersonen und außerklinische Beatmung einzurichten.

In den zwei Jahren seines Bestehens, machte Wäertvollt Liewen die Erfahrung, dass der Verein vor allem von Menschen kontaktiert wird, die mit dem Rücken zur Wand stehen. Trotz ihrer aussichtsloser Lage, nehmen sie ihr Schicksal an und **lassen sich ihren Lebensmut und -freude nicht nehmen**. Bei einer degenerativen Krankheit, darf man auf keinen Fall zu viel Zeit verstreichen lassen bis die notwendige Hilfe organisiert ist. Denn dies könnte ein Leben kosten. **Schnelle und unbürokratische Hilfe hängt meistens am lieben Geld.** Der Verein **Wäertvollt Liewen ist deswegen dankbar für jede Spende**.




## Das etwas *andere* Kochbuch!

Letztes Jahr brachten wir das **Kochbuch „Wäertvollt lessen, das etwas andere Kochbuch"** heraus. Dieses Jahr kommt die französische Übersetzung auf den „Walfer Bicherdeeg" vom 14. bis 16. November 2014 heraus.

Aber wir wollten auch zeigen, dass es immer die **Möglichkeit eines glücklichen Lebens gibt, sogar nach einer niederschmetternden Diagnose wie ALS**. Da ich selber Vorschullehrerin war, ist es mir eine Herzensangelegenheit, Kinderseelen stark zu machen für die Wirren des Lebens.

## Kolloquim zum Thema "Resilienz"

Ende 2015 oder Anfang 2016 plant Wäertvollt Liewen ein **Kolloquium zum Thema „Lebensqualität mit oder trotz ALS oder ähnlichen Pathologien"**. Wir wären überglücklich, wenn einzelne Klassen oder ganze Schulen das Thema Resilienz aufgreifen und so eine **Ausstellung mit Bildern, Texten, usw.** neben dem Kolloquium zusammenstellen würden.

*Im Duden wird Resilienz folgenderweise erklärt: „psychische Widerstandskraft; Fähigkeit, schwierige Lebenssituationen ohne anhaltende Beeinträchtigung zu überstehen"*

**Wäertvollt Liewen bittet die Klassen oder Schulen sich bei info@waertvollt-liewen.lu bis zum 15. Juli 2015 spätestens anzumelden. In der Hoffnung, dass viele unserem Aufruf nachkommen werden, dankt Wäertvollt Liewen ganz herzlich.**

*Nathalie Scheer-Pfeifer*
*Präsidentin von*
*Wäertvollt Liewen*




info@waertvollt-liewen.lu
www.waertvollt-liewen.lu

# Annoncen

## Lebensschule Bauernhof – ein aufregendes Erlebnis!

In der Ortschaft Brouch der Gemeinde Boevange/Attert, befindet sich der pädagogische Bauernhof **„Bricher Paerdsstall"**. Nicht nur Pferde, sondern auch viele andere Tiere – Esel, Ochse, Hühner, Ziegen, Schweine, Kaninchen, Meerschweinchen, Katzen und Hunde freuen sich auf Besucher aller Altersklassen. Aber auch der Kräutergarten, die Blumenbeete laden ein zu einer Expedition in die Welt der Landwirtschaft.






Der „Bricher Paerdsstall" versteht sich als Lebensschule und nimmt seine Besucher mit auf eine Entdeckungsreise in die Natur. Die Kinder tauchen ein in eine neue Welt und werden zu kleinen Forschern, die spielerisch die verschiedensten Fächer auf unserem Hof studieren:

- Kontaktaufnahme: Beim füttern, pflegen und streicheln erlernen und entdecken die Kinder spielerisch den verantwortungsbewussten und vertrauens-vollen Umgang mit den Tieren.
- Produkte der Landwirtschaft: wo kommen unsere Eier her, wie ist der Weg vom Getreidekorn zum Brot, Kochen mit Erzeugnissen aus dem Garten, alles rund um den Kürbis oder die Erdbeere sind nur einige Beispiele aus unserem Programm. Auf Basis eigener Erfahrungen erlangen die Kinder das Bewusstsein für regionale und saisonale Produkte.
- Eintauchen in eine Abenteuerwelt: kreatives Spielen und Basteln im natürlichen Umfeld des Bauernhofs, Gute-Nacht-Geschichten auf dem Heuboden mit Blick auf die Stallbewohner, der Bau eines Blätterzeltes oder die gemeinsame Suche nach einem entlaufenen Schaf – ein unvergessliches gemeinsames Abenteuer! Kontaktaufnahme: Beim füttern, pflegen und streicheln erlernen und entdecken die Kinder spielerisch den verantwortungsbewussten und vertrauens-vollen Umgang mit den Tieren.

Je nach Programm dauert der Aufenthalt einen halben oder einen ganzen Tag oder in den Schulferien auch mehrere Tage (ohne Übernachtung). Neben dem regulären Programm (siehe unsere Internetseite) können in Abstimmung mit dem Lehrer oder Pädagogen auch individuellen Aktivitäten gestaltet werden.

**Unser Angebot:**

- Aktivitäten/Workshops für Kinder verschiedener Altersklassen
- Hofbesichtigung für Schulklassen
- Gruppenbesuche für Senioren
- Jahreskurs Pädagogischer Bauernhof (1x monatlich)
- Jahreskurs Kiddy's Reiten (1x monatlich)
- Abenteuertage Reiterhof (3-5 Tage, in den Schulferien)
- Kindergeburtstage
- Aktivitäten auf Basis von Reittherapie, Reitpädagogik, Natur und Wildnispädagogik für Kinder und Erwachsene angeboten.
- In Gruppen oder Einzelstunden: tiergestützte –Therapie und Fördermassnahmen durch qualifizierte Fachkräfte.

http://www.bricherpaerdsstall.lu
(Anmeldung erforderlich).
E-Mail : info@bricherpaerdsstall.lu
GSM : 691 611 425

Mazzone Monique



bicher HAISCHEN
Kanner- an Jugendlibrairie
Spill gezei
Centre Commercial Les Arcades
Um Kiem
Bicherhaischen
Niederanven
Route de Trèves
Bestellt am Bicherhaischen d'Kadoen fir de Schoulschluss!
Kachbicher
Billerbicher
Sachbicher
Reiseführer
Luxemburgensia
Niewent haaptsächlech däitsche Bicher gëtt et natierlech och franséisch an lëtzebuergesch Bicher, Lauschterbicher an Spillgezei.
Backen mit der Sesamstraße
Zillys Piratenabenteuer
Wieso? Weshalb? Warum? Unser Garten
Für Eltern verboten- London
Melusina
8,um Kiem • L-6960 Senningen • Tel. 26340208 • info@bicherhaischen.lu • www.bicherhaischen.lu




www.creafil.lu
CREAfil
PATCHWORK – MERCERIE – TRICOTAGE
BRICOLAGE – CERAMIQUE – POTERIE
35, route Principale L-7450 Lintgen Tel : 00352 / 26 32 22 32
Email : creafilsarl@gmail.com
Ouvert : lundi-vendredi 8h00 - 12h00 & 14h00 - 17h00 samedi 9h00 - 12h00

MOMA schräinerei

KREATIV | QUALITÉIT | OP MOOSS

&

Kameleon

Bildungsräume für Kinder

Äer kompetent an zouverlässeg Partner fir

**Konzepter, Miwwel a Bannenariichtung.**

Ob Embau, Neibau oder Renovatioun:

**Mir plange mat Iech zesummen funktionnell,
schéin, uspriechend a individuell
déi Léisungen déi Dir braucht.**

KREATIV | QUALITÉIT | OP MOOSS

1, Z.A.C. Klengbousbierg L-7795 BISSEN
Tél: +352 26 88 75 36 - Fax: + 352 26 88 57 34
moma@moma.lu www.moma.lu



ARS LiBRi

Spielwarenladen
Paradis du Jouet

27, rue Jean-Baptiste Gellé
1620 Bonnevoie, Luxembourg
tel +352 40 83 50
**info@arslibri.lu**

**www.arslibri.lu**

SAMKATS
Claudine + Stephen Butterworth-Rischette

Jouets Papeterie Librairie

Tél.: 26 72 10 72
Fax: 26 72 10 73
7A, rue A. Duchscher · L-6434 Echternach
e-mail: info@samkats.com · www.samkats.com

**Spillsaachen, Schreifwueren a Bicher**

*Online Bicher bestellen op www.samkats.com
Bestellt virun 16:30 da kënnt Dir den Daag duerno um 9 Auer se an de Buttek siche kommen.
*-5% op all Bicherbestellung
*-10% op allen aaneren Artikelen aus dem Buttek
*Gratis Liwwerung

10 Joer




www.aip.lu

www.bws.lu

RESTAURANT
Beim wäisse Schwäin



L-Rippig/Junglinster T +352 2678-4344

# Guddesch

Hotel • Restaurant • Events

gudd.lu




**Restaurant**
1, am Kaesch • L-7593 Biereng / Miersch
Tel. +352 26 320 420 • Fax +352 26 320 180 • info@gudd.lu

**Hotel Martha** ****
2, am Kaesch • L-7593 Biereng / Miersch
Tel. +352 26 320 405 • hotel@gudd.lu

# Nimax Stempel

*Votre partenaire de confiance pour cachets, articles de bureau, signalisation et cartes de visite pour privés et entreprises depuis 1868 au Grand-Duché du Luxembourg*





34, rue de Luxembourg
L-5314 Contern

Tél.: 49 56 01
Fax: 40 26 19

E-mail: info@nimax-stempel.lu
www.nimax-stempel.lu

- Grande gamme de cachets personnalisés
- Signalisations
- Gravures
- Stylos avec cachet intégré
- Accessoires de bureau
- Encres / Coussins d'encre
- Cartes de visite / Deuil
- Cartes Menus
- Enveloppes / Entêtes
- Flyers / Affiches
- Dépliants / Brochures
- Création de Logos
- Invitations Marriage / Événements








Heures d'ouverture:
du lundi au vendredi de **8h - 12h** et de **13h30** à **17h30** et sur **r.d.v**

Parking clients assuré

wesco pro® Le plaisir d'apprendre des 0-6 ans !

Aménagement & Mobilier – Puériculture – Jeux d'éveil et de développement - Jeux de motricité

découvrez nos Nouveautés 2014

+ de 35 ans auprès des professionnels de l'enfance :
n'attendez plus pour nous faire confiance >>

Offre Spéciale -5%
sur votre commande avec le code APLUXE14 *



CABANE Luma
Bancs intégrés (jusqu'à 7 enfants)
Larges ouvertures : surveillance efficace
Résistance aux UV
Maxi robustesse

GARAGE Minishop
Compact et ludique
Surface Ardoise : pour personnaliser
Roulette et poignée : facile à déplacer
Existe aussi en Glacier et en Marchande

ROULANT Loco
Grande taille
Maxi sécurité
Design ergonomique
Maxi robustesse

Bientôt Encore + de nouveautés !


www.wesco-eshop.lu

WESCO - Envoi réponse 6708 - L-1060 Luxembourg
Tel (appel gratuit) : 8002 4896 / Fax (appel gratuit) : 8002 4895 / E-mail : wesco.lu@wesco-group.com

* Offre valable une seule fois jusqu'au 30 Juin 2014 sur votre prochaine commande sans montant minimum d'achat avec le code APLUXE14.
Offre non cumulable avec toute autre promotion en cours, hors livres, poussettes, sièges-auto, loisirs créatifs, fournitures scolaires, destockage, et frais de livraison.
L'offre est également valable sur notre site de vente en ligne www.wesco-eshop.lu avec ces mêmes conditions.

# PORTFOLIO AIP

## Mäi Portfolio Cycle 1 vun der AIP
## „ECH-Deel a Sprooch“













Den éischten Deel ass den «Ech-Deel» vum Kand, dee sech och fir d’Kanner aus dem Précoce ubitt.

## „AIP-Kompetenzdossier“ vun der Mathematik
## „Raisonnement logique et mathématique“









Dir kënnt den 1. an 2. Portfolio bei SNE-Edition bestellen. Tel: 481 1181 oder sne@sne.lu

# CALENDRIER SCOLAIRE 2014 / 2015

### SEPTEMBRE

| | | | A | B | A |
|---|---|---|---|---|---|
| LU | 1 | 8 | 15 | 22 | 29 |
| MA | 2 | 9 | 16 | 23 | 30 |
| ME | 3 | 10 | 17 | 24 | |
| JE | 4 | 11 | 18 | 25 | |
| VE | 5 | 12 | 19 | 26 | |
| SA | 6 | 13 | 20 | 27 | |
| DI | 7 | 14 | 21 | 28 | |

### OCTOBRE

| | A | B | A | B | A |
|---|---|---|---|---|---|
| LU | | 6 | 13 | 20 | 27 |
| MA | | 7 | 14 | 21 | 28 |
| ME | 1 | 8 | 15 | 22 | 29 |
| JE | 2 | 9 | 16 | 23 | 30 |
| VE | 3 | 10 | 17 | 24 | 31 |
| SA | 4 | 11 | 18 | 25 | |
| DI | 5 | 12 | 19 | 26 | |

### NOVEMBRE

| | A | B | A | B | A |
|---|---|---|---|---|---|
| LU | | 3 | 10 | 17 | 24 |
| MA | | 4 | 11 | 18 | 25 |
| ME | | 5 | 12 | 19 | 26 |
| JE | | 6 | 13 | 20 | 27 |
| VE | | 7 | 14 | 21 | 28 |
| SA | 1 | 8 | 15 | 22 | 29 |
| DI | 2 | 9 | 16 | 23 | 30 |

### DECEMBRE

| | B | A | B | A | B |
|---|---|---|---|---|---|
| LU | 1 | 8 | 15 | 22 | 29 |
| MA | 2 | 9 | 16 | 23 | 30 |
| ME | 3 | 10 | 17 | 24 | 31 |
| JE | 4 | 11 | 18 | 25 | |
| VE | 5 | 12 | 19 | 26 | |
| SA | 6 | 13 | 20 | 27 | |
| DI | 7 | 14 | 21 | 28 | |

### JANVIER

| | B | A | B | A | B |
|---|---|---|---|---|---|
| LU | | 5 | 12 | 19 | 26 |
| MA | | 6 | 13 | 20 | 27 |
| ME | | 7 | 14 | 21 | 28 |
| JE | 1 | 8 | 15 | 22 | 29 |
| VE | 2 | 9 | 16 | 23 | 30 |
| SA | 3 | 10 | 17 | 24 | 31 |
| DI | 4 | 11 | 18 | 25 | |

### FEVRIER

| | B | A | B | A | B |
|---|---|---|---|---|---|
| LU | | 2 | 9 | 16 | 23 |
| MA | | 3 | 10 | 17 | 24 |
| ME | | 4 | 11 | 18 | 25 |
| JE | | 5 | 12 | 19 | 26 |
| VE | | 6 | 13 | 20 | 27 |
| SA | | 7 | 14 | 21 | 28 |
| DI | 1 | 8 | 15 | 22 | |

### MARS

| | B | A | B | A | B |
|---|---|---|---|---|---|
| LU | | 2 | 9 | 16 | 23 |
| MA | | 3 | 10 | 17 | 24 |
| ME | | 4 | 11 | 18 | 25 |
| JE | | 5 | 12 | 19 | 26 |
| VE | | 6 | 13 | 20 | 27 |
| SA | | 7 | 14 | 21 | 28 |
| DI | 1 | 8 | 15 | 22 | 29 |

### AVRIL

| | A | B | A | B | A |
|---|---|---|---|---|---|
| LU | 30 | 6 | 13 | 20 | 27 |
| MA | 31 | 7 | 14 | 21 | 28 |
| ME | 1 | 8 | 15 | 22 | 29 |
| JE | 2 | 9 | 16 | 23 | 30 |
| VE | 3 | 10 | 17 | 24 | |
| SA | 4 | 11 | 18 | 25 | |
| DI | 5 | 12 | 19 | 26 | |

### MAI

| | A | B | A | B | A |
|---|---|---|---|---|---|
| LU | | 4 | 11 | 18 | 25 |
| MA | | 5 | 12 | 19 | 26 |
| ME | | 6 | 13 | 20 | 27 |
| JE | | 7 | 14 | 21 | 28 |
| VE | 1 | 8 | 15 | 22 | 29 |
| SA | 2 | 9 | 16 | 23 | 30 |
| DI | 3 | 10 | 17 | 24 | 31 |

### JUIN

| | B | A | B | A | B |
|---|---|---|---|---|---|
| LU | 1 | 8 | 15 | 22 | 29 |
| MA | 2 | 9 | 16 | 23 | 30 |
| ME | 3 | 10 | 17 | 24 | |
| JE | 4 | 11 | 18 | 25 | |
| VE | 5 | 12 | 19 | 26 | |
| SA | 6 | 13 | 20 | 27 | |
| DI | 7 | 14 | 21 | 28 | |

### JUILLET

| | B | A | B | A | B |
|---|---|---|---|---|---|
| LU | | 6 | 13 | 20 | 27 |
| MA | | 7 | 14 | 21 | 28 |
| ME | 1 | 8 | 15 | 22 | 29 |
| JE | 2 | 9 | 16 | 23 | 30 |
| VE | 3 | 10 | 17 | 24 | 31 |
| SA | 4 | 11 | 18 | 25 | |
| DI | 5 | 12 | 19 | 26 | |

### AOUT

| | B | A | B | A | B |
|---|---|---|---|---|---|
| LU | | 3 | 10 | 17 | 24 |
| MA | | 4 | 11 | 18 | 25 |
| ME | | 5 | 12 | 19 | 26 |
| JE | | 6 | 13 | 20 | 27 |
| VE | | 7 | 14 | 21 | 28 |
| SA | 1 | 8 | 15 | 22 | 29 |
| DI | 2 | 9 | 16 | 23 | 30 |

en couleur: vacances scolaires et jours fériés

www.aip.lu